



**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6517 vum 21. Juli 2022 vun den éierewäerten Deputéierten Här Max Hahn an Här Claude Lamberty iwwert „Bilan des objectifs climatiques sectoriels pour l'année 2021 “**

De provisoeresche Bilan vun den Zäregasemissiounen fir d'Joer 2021 gouf, esou wéi vum règlement grand-ducal vum 22. Juni 2022 iwwer déi järelech Emissiounsallokatiounen virgesinn, Enn Juli 2022 publizéiert.

Dëse Bilan weist datt d'Emissiounen am Joer 2021, mat 8 089 050 Tonnen équivalent CO<sub>2</sub>, ronn 20% ënner dem Niveau vum Referenzjoer 2005 leien. D'Emissiounen sinn 1,1% (90 000 Tonnen équivalent CO<sub>2</sub>) ënner der Emissiounsallokatioun fir 2021 bliwwen. D'Emissiounsreduktiounszil fir 2021 gouf soumat erreecht.

Wat déi eenzel Secteuren ugeet, gouf d'Emissiounsallokatioun am Secteur « transports », deen 61% vun de Gesamtemissiounen duerstellt, respektéiert. Dat selwecht gëllt fir d'Secteuren « agriculture et sylviculture » an « traitement des déchets et des eaux usées », während d'Emissiounsallokatiounen an de Secteuren « industries de l'énergie et manufacturières, construction » an « bâtiments résidentiels et tertiaires » dépasséiert goufen.

Den detailléierten provisoeresche Bilan vun den Zäregasemissiounen fir d'Joer 2021 ass ënner folgendem Link publizéiert:

<https://environnement.public.lu/fr/loft/air/inventaires-emissions/inventaire-ges/proxi-ges.html>

Lëtzebuerg, den 12. August 2022

(s.) Joëlle Welfring

Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung